PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/10/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, datt op Direktiv vun der Ministesch fir Famill an Integratioun d'Besich vun Elteren a Kannerheemer ëm 50% reduzéiert gi sinn. Deemno krute verschidden Elteren hier Visitten dës Woch mat dësem Argument annuléiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass si decidéiert huet d'Besuchszäiten vun den Elteren a Kannerheemer ze reduzéieren?
    - Falls jo, ëm wat fir eng Direktiv handelt et sech an op Basis vu wéi enge Krittären a wéi enger legaler Basis gouf se getraff?
    - Falls nee, kann d'Ministesch bestätegen, datt d'Besuchszäiten an de Kannerheemer net geännert hunn an och net ännere wäerten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député